EUROPÄESCH
MOBILITÉITS
WOCH 2016

12. Mee 2016
Amphitheater Coque

Kuerz Biografie vun de Referenten:

François Bausch

Den Här François Bausch, deen zanter 1986 Member bei de Gréngen ass gouf 1989 déi éischte Kéier op der Lëscht vun de Gréngen am Zentrum an d'Chamber gewielt an ass do bis 1992 bliwwen. Vun 1994 bis 2013 ass hien als Députéierte rëmgewielt ginn. Hie war ë. a. vun 2009 bis 2013 Präsident vun der Kontrollkommissioun vum staatlechen Norichtendéngscht. Ausserdeem war hie vun 1999 bis 2013 Fraktiounspräsident vun de Gréngen.

Um lokalen Niveau war de François Bausch vun 1994 bis 2005 Member vum Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg an duerno vun 2005 bis 2013 éischte Bäigeuerdnete vum Buergermeeschter.

Am Uschloss un d'Parlamentswahlen vum 20. Oktober 2013 gouf de François Bausch déi éischte Kéier Member vun der Regierung an ass de 4. Dezember 2013 als Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an der Koalitiounsregierung aus Demokratescher Partei (DP), Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei (LSAP) a Gréngen („déi gréng") agetratt.

Den Här Peter Staelens schafft als Projektkoordinator am EUROCITIES Mobilitéitsteam, wou hie fir den EU-Level-Management vun der europäescher Mobilitéitswoch an aner Projeten am Beräich vun der nohalteger Mobilitéit verantwortlech ass.

Peter Staelens

David Everard

Den Här David Everard ass zanter 2012 responsabel fir d'Communicatioun an de Marketing beim Verkéiersverbond. An dëser Funktioun ass hien och den nationale Coordinateur fir d'europäesch Mobilitéitswoch. Den Här Everard huet ee Master an der Communicatioun vum Institut des hautes études en communication sociale Ihecs vu Bréissel.

Camille Gira

Den Här Camille Gira, deen zanter 1993 Member bei de Gréngen ass gouf 1994 déi éischte Kéier op der Lëscht vun de Gréngen am Norden an d'Chamber gewielt. 1999, 2004, 2009 an 2013 gouf hie erëmgewielt. Am Parlament war de Camille Gira ë.a. vun 1999 bis 2004 a vun 2007 bis 2009 President vun der Rechnungskommissioun, vun 2000 bis 2009 Vizepresident vun der Ëmweltkommissioun a vun 2009 bis 2013 Vizepresident vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung (an de Beräicher Ëmwelt a Landesplanung).

Um lokalen Niveau war den Här Gira vun 1982 bis 1990 bäigeuerdnete Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech. 1990 gouf hien du Buergermeeschter an ass dëst bis am Dezember 2013 bliwwen. Am Uschloss vun de Parlamentswahlen vum 20. Oktober 2013 gouf de Camille Gira um 4. Dezember 2013 Staatssekretär fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur an der der Koalitiounsregierung aus Demokratescher Partei (DP), Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei (LSAP) a Gréngen („déi gréng").

Zanter 1993 schafft d'Mme Madeleine Kelly-Tychtl fir d'EU-Kommissioun. Zanter 2009 schafft Si am Generaldirektorat vun der Mobilitéit a vum Transport (DG MOVE) an der Abteilung *Propperen Transport an nohalteg Mobilitéit*. Ee vun hiren Dossieren ass d'europäesch Mobilitéitswoch.

Madeleine Kelly-Tychtl

Dan Biancalana

Den Här Dan Biancalana ass zanter Dezember 2014 Buergermeeschter vun der Gemeng Diddeleng. Do virdrun war hien zanter 2004 Scheffen an Adjoint zum Buergemeeschter. Hien huet een DEA an der Criminologie vun der kathoulescher Universitéit vu Louvain an ass zanter Juli 2011 Chargé de direction vum Service Probation (SCAS/Parquet Général).